



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Affaires intérieures

Äntwert vum Här Inneminister, Léon Gloden, op d'parlamentaresch Fro n° 20 vum honorabelen Deputéierte Sven Clement zum Sujet "Participation à une séance communal par visioconférence"

Den Deputéierte freet, wéisou et am Gemengegesetz keng Procuratioune mat *Instruction de vote* gëtt. D'Chamberkommissioun huet de Projet de loi n°7514 den 23. November 2021 amendéiert an ënner anerem d'Instruction de vote bei der Procuratioun virgesinn. De Staatsrot hat a sengem Avis complémentaire n° 60.104 follgend Observatiounen dozou gemaach: « *L'instruction de vote doit-elle comporter des indications précises ou peut-elle être générale ? Qui décide de la conformité du vote aux instructions ? Le Conseil d'État estime que les contours du vote lié sont insuffisamment précisés, ce qui entraîne une insécurité juridique et amène le Conseil d'État à s'opposer formellement à la disposition sous revue.* ». Well et net méiglech war, déi Froen ze léisen, déi de Conseil d'Etat opgeworf hat, huet sech d'Chamber op de fransésische Regime vun der einfacher Procuratioun ouni Instruction de vote alignéiert.

D'Méiglechkeet, fir iwwert d'Zäit vun der Covid-19-Pandemie eraus d'Visiokonferenz weider ze benotzen, ass net vun der Chamber zrëckbehale ginn, an de Projet de loi n°7514 ass unanime gestëmmt ginn.

Lëtzebuerg, den 29.11.2023.
Den Inneminister
(s.) Léon Gloden